



Domat mengen ech och d'Responsabilitéit, alles, wat se an de Weltraum geschoss hunn, och erëm vun do fortzекреien. D'Jugendparlament hat eis an der Chamber hei am Oktober nach eemol drop opmierksam gemaach, wéi gravéierend de Problem vum Weltraumschrott elo schonn ass.

Am Januar 2019 huet d'US Space Surveillance Network méi wéi 130 net Einzelstécker, mee 130 Milliounen Stécker gezielt, déi ronderëm eis Äerd schwiewen! De gréissten Deel dovunner ass méi kleng wéi een Zentimeter, kann awer bei deene Vitessen, vun deene mer an der Äerdlafbunn schwätzen, gravéierende Schued urichten, wann e kollidéiert. Duerch d'Clean Space Initiative huet d'EU sech verpflichtet, fir besser drop opzepasst. An dat heescht och, datt Lëtzebuerg seng Firma muss an d'Verantwortung zeien.

Wann d'Staategemeinschaft do net an noer Zukunft handelt, wäert et schwéier ginn, fir iwwerhaupt nach Satellitten an de Weltraum ze schéissen. Wat nämlech de Risiko méi grouss gëtt, datt de Satellitt no nëmmen e puer Deeg schonn erëm duerch e Stéck Weltraumschrott onbrauchbar gemaach gëtt, wat et fir d'Firmen och net manner rentabel ass (veuillez lire: wat et fir Firmen och manner rentabel ass), fir an dësem Domän ze schaffen.

Länner wéi Lëtzebuerg, déi aktiv an dëse Sektour investéiert hunn a weider investéieren, géifen am schwéierste getraff ginn. Dat ass e Risiko, deem mer eis bewosst sollte sinn, well och déi beschten Technologie, déi am Moment schonn a Satellitten agebaut ass, fir Weltraumschrott auswäichen ze kënnen, kënn iergendwann un hir Grenzen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, een Detail vun dësem Projet wéilt ech awer nach uswätzen. Esou fannen ech, datt d'Iddi vun enger extraer Autorisatioun bei all Satellitt oder anerem Projet, dee soll bei d'Stäre geschoss ginn, net falsch war. Bei esou enger Autorisatioun misst een dann natierlech Dokumenter mat Detailer zum Projet areechen an esou wier dës Autorisatioun dann och nach eemol eppes anescht wéi déi generell Autorisatioun fir d'Firma.

Ech denken, vum Grondsaz hier wier et gutt, wann de Staat iwwert d'Detailer informéiert géif ginn, ier eppes an d'Atmosphär geschoss oder ausserhalb vun der Atmosphär geschoss gëtt. Esou eng Prozedur kéint dann och, ewéi vun der Chambre des Salariés virgeschloen, einfach iwwer e Formulaire op zum Beispill Guichet.lu ëngesat ginn. Dëst Gesetz sollt also wéi all Gesetz an Zukunft ëmmer erëm un d'Realitéit um Terrain ugepasst ginn.

Här President, dëst Gesetz, grad wéi eis Weltraumstrategie, stellt e Risiko fir eist Land duer. Mir Piraten sinn net géint d'Ausbaue vum Weltraumsektor zu Lëtzebuerg. Wéi ech awer scho viru ronn engem Joer sot, si mer der Meenung, datt et heiansdo néideg ass, e Risiko anzegoen, fir weider no vir ze kommen. Virun allem als klengt Land muss een ëmmer op der Sich no neien innovativen Weeër sinn, fir seng Wirtschaft um Lafen ze halen, an oppe sinn derfir, och fir all Fortschritt.

Allerdéngs si mer nach ëmmer der Meenung, datt et am beschten ass, net déi Firmen unzelackelen, déi herno d'Satellitten eropschéissen, mee d'Fournisseure vun de Firmen, déi d'Satellitten an de Weltraum schéissen. Bei de Fournisseuren, déi eenzel Stécker oder Technologie liwweren, ass de Risiko, datt se herno Schued urichten, fir den d'Land dann herno virun deenen anere Länner muss riichtstoen, nämlech vill méi kleng.

Ech hat schonn deemools e Verglach mam Goldtausch an Amerika gemaach. Während dëser Zäit gouf et déi, déi no Gold gesicht hunn, an déi, déi hinne Saache verkaaft hunn, déi se derfir brauchen, Schëppen zum Beispill. Nom Goldtausch waren d'Schëppeverkeefe déi räich Männer. Vun de Goldgriewer waren der herno awer vill méi aarm dru wéi virdru, einfach well hiren Erfolleg op rengem Gléck baséiert huet.

Wéi ech schonn deemools sot, géife mir eis wënschen, datt Lëtzebuerg seng Souveränitéitsnische géif notzen, fir d'Schëppeverkeefe unzelackelen amplaz d'Goldgriewer. Et muss een net beim Start vir an der éischter Rei stoen, fir mat als Éischten duerch d'Zil ze kommen.

Ech soen Iech Merci.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*.- Merci, Här President. Léif Deputéierten, virop e grouse Merci un de Rapporteur Claude Haagen, deen effektiv e ganz komplette Rapport gemaach huet iwwert en dach ganz techneschen, juristeschen Projet de loi, wat et mir dann erméiglecht, mech relativ kuerz ze faassen an och haaptsächlech op déi verschiden Observationen a Froen vun den Deputéierten anzegoen.

Ech freeë mech och iwwert déi dach relativ breet Zoustëmmung hei zu dësen zwee Gesetzter. Dat hei ass, fir en oft gebrauchtent Bild ze gebrauchen, vläicht e kleng Schrëtt fir dës Chamber an dëse Covidzäiten, wou mer vill iwwer aner Gesetzter schwätzen, mee awer trotzdem e grouse Schrëtt fir de Spacesektor an en particulier fir de Sektour vun de Space Resources hei zu Lëtzebuerg.

2020 war e komplizéiert Joer fir d'Économie en général hei am Land, awer och fir de Spacesektor, dee sech awer trotzdem gutt entwéckelt huet. Mir hu viru Kuerzem, am November, den ESRIC lancéiert, den European Space Resources Innovation Centre, deen ech zesumme mam Claude Meisch lancéiere konnt. Dat ass e Centre de recherche et d'innovation, deen zesumme mam LIST, mat der ESA gemaach gëtt, dee wierklech hei d'Recherche um europäeschen Niveau am Beräich vun de Space Resources weiderbréngt, awer och en Incubateur opstellt fir Entrepreneuren, déi an deem Beräich aktiv sinn, an där gëtt et der hei eng ganz Rei.

De Laurent Mosar huet gefrot, wivill et der wäeren. Et sinn an deem ganze Spacesektor eng ronn 50 Entrepreneuren an dovunner sinn der 10 % aktiv am Beräich vun de Space Resources. Et ass also e Sektour, dee sech weiderhin, trotz engem komplizéierten Joer, gutt entwéckelt, mat ganz villen Demanden, déi weiderhin un eis erugerecht gi bei der Luxembourg Space Agency. An dat mécht natierlech Hoffnung, dass dat heiten eppes ass, wat sech och weiderhi wäert ganz dynamesch a gutt entwéckelen.

Déi Gesetzter hei si wichteg, fir eeben effektiv déi friddlech Exploration an och de kommerziellen Notze vun de Space Resources weiderzebréngen.

Heimadder, mat deenen zwee Gesetzter, wéi gesot, schafe mer e ganz séchere Kader, e gudden juristeschen Kader, fir déi Aktivitéiten weiderzebréngen, nodeem mer 2017 jo mat eisem Gesetz iwwert d'Resources, iwwert de Space Mining den éischten Baustein derzou geluecht hunn.

An ech géif gären direkt am Ufank och agoen op déi Remarken, déi de Marc Baum gemaach huet an och d'Deputéiert Ahmedova, déi sech Suerge maachen iwwert d'Orientatioun vun dësem Wirtschaftssektor.

Jo, et ass ganz vill am Ufank vun dësem Sektour vun Ofbau, vu Mining - effektiv e ganz extraktiven Usaz - geschwat ginn. An et ass kloer, dass mer e Kader geschaaft hunn, fir effektiv och kënnen déi Ressourcen do sech ze appropriéieren an eeben d'Viraussetzung vun enger kommerzieller Exploitation ze schafen. Mee, an d'Deputéiert Ahmedova huet dat gutt beschriwwen, de Space Resources ass am Fong net wierklech méi - oder dat war et vläicht am Ufank, mee et ass et elo net méi - eng Exploitation mat der Iddi, fir déi Saachen zréckzebréngen.

Wann ee beim Lancement vum ESRIC derbäi war, wou mer e ganz flotte Film gewisen hunn, deen Derlech och kënn ukucken um Internet, geet et am Fong an där Initiativ vun de Space Resources vill méi dodrën, fir Ressourcen, déi am Outer Space vorhande sinn, Regolith, Waasser um Mount, ze benotzen, fir weiderzokommen an der Exploration vum Weltall, haaptsächlech mat der Iddi, fir bis op de Mars ze kommen. Also geet et hei wierklech drëm, fir de Sektour weiderzebréngen, deen eis och op eisem bloe Planéit ka weiderbréngen.

An ech denken do och ganz staark un d'Ekologie! Et geet hei ëm d'Observation, ëm zum Beispill Saache wéi de Precisionfarming, awer och ëm de Klimawandel, wou mer déi Technologien, déi douewen entwéckelt ginn oder déi hei ënnen entwéckelt gi vun deene Betriber, déi sech hei usidelen, mee natierlech mat Applikationen, mat Dual-use-Applikationen op der Äerd, mee awer och douewen, wou mer wierklech ganz interessant Technologie weiderbréngen kënnen, déi eis, wéi gesot, am Klimaschutz, an der Ekologie am grouse Ganzen, awer och an der Agrikultur an a ganz ville Beräicher zouguttkommen.

Et ass also vill méi komplizéiert an och méi e komplexe Beräich wéi elo reng nëmmen deen extraktiven, privativen Usaz, deen de Marc Baum beschriwwen huet.

■ **Une voix**.- Genee.

■ **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*.- An dat mécht fir mech och wierklech d'Attraktivitéit an den Interêt vun deem Sektour aus. Hei geet et gradesou vill ëm Recherche, ëm Progrès, ëm Technologie wéi ëm eng reng opportunistesch Wirtschaftsnisch. An ech mengen, dat ass dat, wat interessant ass um Sektour vun de Space Resources.

Ech wollt dann nach op e puer Saachen agoen, déi de Laurent Mosar gesot huet. Ech si ganz bei Iech, wann Der sot, dass mer hei müssen oppassen op d'Responsabilitéit. Et ass effektiv esou, dass mer an dësem Beräich als Land natierlech eng Responsabilitéit hu fir déi Entrepreneuren, déi an deem Beräich aktiv sinn, an dofir ass et wichteg, dass mer hei eis Aufgabe maachen, dass mer déi „due diligence“ maache par rapport zu deene Businesspläng vun

deenen Entrepreneuren, dass mer och eis assuréieren, dass se déi néideg Soliditéit finanzière hunn, dass se och déi néideg Assurancen en place hu fir hir Aktivitéit.

An dat, wat de Fernand Kartheiser sot iwwert d'Staatshaftung, jo, dat ass richtig. Mee do hu mer hei justement doduerch, dass mer an dësem Gesetz keng Limitatioun hu vun der Responsabilitéit vun den Operateuren an dass mer kënnen iwwer e Rekurs géint déi Operateuren, vun deene mer och kënnen eng Assurance verlaangen, eis ofsécheren als Staat, mengen ech, déi néideg Garantien, dat kombinéiert natierlech mat där néideger Prüfung vun der Bonitéit vun deenen Entrepreneuren, vun der Soliditéit vun hirem Businessplang a vun der Soliditéit finanzière, wéi mer dat och maachen an anere Beräicher. Ech denken do besonnesch un deen och net ouni Risk behaftete Sektour vun dem Finanzsektor, mee awer och de Commissariat aux affaires maritimes, dee Schëffer autoriséiert an agreéiert. Alles dat si Sektoren, wou mer iwwer Joerzängt bewisen hunn, dass mer dat ëmmer mat deem néidege Seriö maachen, mat där néideger, jo, mat där néideger Seriositéit. Dofir ass mer dofir hei net baang, dass mer dat och am Beräich vun de Ressources spatiales richtig hikeréien.

Bon, en Zwëschebilan, dorobber sinn ech agaan. Och fir op dee Punkt anzegoen: Et si schonn eng Rei Betriber. Bon, et huet natierlech keen eng Demande gemaach, well dat Gesetz hei jo nach net gestëmmt ass, mee mir wëssen awer iwwer eis Luxembourg Space Agency, dass hei eng Rei Betriber schonn an de Starting Blocks sinn, fir eng Demande d'agrément ze maachen, soubal dat Gesetz hei a Kraaft getrueden ass.

Dofir nach eng Kéier: Dat heiten ass wierklech e wichtege Text, deen déi Aktivitéiten do encadréiert. De Rapporteur huet d'Beispill vun ispace gesot, wat jo och weist, wéi, jo, wéi vital dee Sektour ass. Mir hunn domadder eng vun deene véier Entrepreneuren, déi am Kontext vun den Artemis-Accorden a vum Artemis-Programm elo wierklech zréckbehalte gi sinn vun der NASA, fir justement ee vun deene Space Roveren do hiezustellen 2023, eng vun deene Schëppen an deem Beräich, justement ee vun deenen Hiersteller vun engem Instrument, engem Rover, deen dann douewe soll no deem Stébs siche goen, deen da fir 5.000 Euro un d'NASA soll verkaaft ginn.

Och dat ass eng weeweisend Transaktioun, warscheinlech eng vun deenen éischten Transaktiounen, wou d'Matière, déi dohanne fonnt gëtt, verkaaft gëtt un eng Space Agency. Och dat gëtt en Testbett natierlech fir eist Gesetz vun 2017, ze kucken, ob dat juristesche resilient, resistent ass, fir esou eng Transaktioun ze testen.

Voilà! Dofir am grouse Ganze merci villmools fir dee gudden Rapport, fir dee flotten, interessanten Debat a merci fir d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. D'Diskussion ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7270. Den Text steet am Document parlementaire 7270².

Am Intitulé vum Projet de loi misst de Bindestrech bei „New York“ ewechgehoen ginn. Mir géifen dann de Projet de loi mat dëser klenger Ofännerung stëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7270 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi eestëmme mat 60 Jo-Stëmmen ugehoen.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles (par M. Georges Mischo), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Aly Kaes), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen);

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mars Di

Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue;

MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Sven Clement et Marc Goergen;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7317. Den Text steet am Document parlementaire 7317⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7317 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. D'Ofstëmmen fänkt un.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi bei 58 Jo-Stëmmen an 2 Nee-Stëmmen ugehoen.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles (par M. Georges Mischo), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen);

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue;

MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

10. 7695 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 4 décembre 2019 relative à l'Office du Ducroire Luxembourg

Dee leschte Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 7695 iwwert den Office du Ducroire Luxembourg. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgelegt. An ech géif d'Wuert ginn un de Rapporteur, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

■ **M. André Bauler** (*DP*), *rapporteur*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, beim Gesetzesprojet 7695 geet et ëm d'Ofännere vum Gesetz zum 4. Dezember 2019 iwwert den Office du Ducroire Luxembourg, och nach ODL ofgekierzt. Dëse Projet schreift sech an d'Ligné vum Gesetzesprojet 7563 an, dee mer jo bekanntlech, Dir erënnert Iech, am Juni vun dësem Joer an dësem Haus gestëmmt haten. Ier ech méi op den Detail vum Projet de loi aginn, erlaabt mer, e puer Wuert iwwert den Office du Ducroire selwer ze soen.

Wat ass dat also fir eng Institution? Den ODL ass 1961 als Établissement public an d'Liewe geruff ginn. Zanterhier besteet seng Missioun doranner, fir déi wirtschaftlech a finanziell Relatiounen an engem internationale Kontext ze fërderen, haaptsächlech duerch eeben d'Couverture vun de Risiken am Beräich vun den Exportatiounen an den Importatiounen souwéi den Investissementen.

Duerch eng Konvention tëscht dem Office du Ducroire an dem Staat, déi de sougenannte Comité



pour la promotion des exportations luxembourgeoises, kuerz COPEL genannt, gegrennt huet, ënnerstëtzt den Office du Ducroire zënter 2002 och zousätzlech Lëtzebuerger Exporter iwwert de Wee vun enger Bedeelegung un de Promotiounskäschten, den Exportkäschten oder der Formatiou.

Den Office du Ducroire hëlleft de Betriber also, fir sech iwwert d'Grenzen eraus ze entwéckelen, Handelspartner ze fannen an esou am Ausland Fouss ze faassen. Hei sinn natierlech och vill mëttelstännesch Entreprises drënner.

An anere Wieder: Hien dréit zu der Stabilitéit an der Kompetitivitéit vun der Lëtzebuerger Wirtschaft an domadder vun den Entreprisë bäi.

An Zäite vum Covid ass de Rôle vum Office du Ducroire nach méi wichteg gi wéi virdrun. Duerch déi verschlechtert Situatioun op den internationale Mäert, déi eeben duerch d'Viruskris entstanden ass, ass d'Demande fir verschidde Versécherungen, Assurance vum Office du Ducroire staark geklommen, zum Beispill fir Assurance vu Bankkreditte.

Dës Assurancen erméiglechen de Banken, fir hire Risiko géintiwwer lëtzebuergeschen Exportentreprisen, déi net vun hire Clientë bezuelt géife ginn, ze reduzéieren. Grad an dësen Zäiten hu vill Entreprisë Liquiditéitsschwieregkeeten a froen hire Banquier, fir sougenannt Crédit-de-caissen ze kréien. Den ODL verséichert d'Banken an dësem Fall géint den Netremboursement vun esou Kreditte, ouni déi verschidden Aktivitéite respektiv Transaktiounen vu Lëtzebuerger Betriber net stattfanne kéinten.

De private Maart fir esou Assurancëkreditte ass an deene leschte Méint reegelrecht kollabéiert. Ouni d'Interventioun vum Office du Ducroire kéinte vill Operatiounen eigentlech net méi stattfannen.

Engersäits ass den Office du Ducroire haut e wichtigen Acteur bei der Reassurance vu kuerzfristegen Assurancëkreditte. An enger Zesummenaarbecht mat privaten Acteuren vun der Assurance-crédit gouf ofgemaach, dass dës hir Versécherungen oprecht erhalen an dass en contrepartie den Office du Ducroire d'Reassurance vun deene Couverturen iwwerhuele géif.

Anerersäits dierf den Office du Ducroire normalerweis keng Assurance fir Operatiounen an de sougenannte Pays à risques cessibles ausstellen. Heibäi handelt et sech ëm eng Lëscht, déi vun der Europäescher Kommissioun opgestallt ginn ass an op där prinzipiell OCDE-Länner dropstinn. Vu dass awer vu privater Säit och Aktivitéiten an deene Länner net méi verséichert ginn, huet d'EU-Kommissioun den nationalen ëffentlechen Assureur-créditen d'Erlaabnis ginn, fir hei de Relais vum Privatmaart ze iwwerhuelen.

Eng aner Entwécklung an der sanitärer Kris ass, dass sech den Office du Ducroire och net méi um Privatmarché reassuriert kritt, soudass hei d'Trësorerie als zäitweilege Réckversécherer vum Office du Ducroire fungéiert.

En anere Produit vum ODL, deen am Moment och relativ vill gefrot ass, sinn déi sougenannt Top-up-Versécherungen. Dës Assurancen erlaben, fir punktuell déi Transaktionsmontanten ze versécheren, déi iwwert der Grenz vun deem leien, wat e privatrechtlechen Assureur-crédit accordéiert huet.

Ech erspueren lech wierklech déi technesch Detail derzou, mee aus reglementaresche Grënn hunn déi Assureur-créditen déi verséichert Montante misse drastesch erofsetzen, egal ob de Betrib solvent ass oder net. Dëst stellt vill Lëtzebuerger Firms viru grouss Schwierigkeeten, fir hir kommerziell Echangë mat hiren auslännesche Clientë weiderzeféieren.

Den Office du Ducroire spréngt dann hei an, fir dës Vide also opzefëllen, deen duerch d'Erofsetze vum versécherter Montant duerch d'Assureurs-crédit entsteet oder souguer den totale Refus ze versécheren.

Nieft dës Produkter ginn et nach Weiderversécherungen, déi vum ODL proposéiert ginn, och an Zesummenaarbecht mat der Handelskummer, der Chambre de Commerce.

Nach en Detail zu den Zuelen. Den ODL verséichert am Kader vum Covid-19 elo schonn Transaktiounen an engem Montant vu bal 150 Milliounen Euro an den Ament ginn nach Demandë behandelt, déi dës

Montant op bal 250 Milliounen Euro klamme loosse kéinten. Dat läit iwwert dem maximale Seuil vun 150 Milliounen Euro, dee vum ODL-Gesetz virgesinn ass. De Gesetzesprojet 7563 hat virgeschloen, d'Engagementslimit, déi den Artikel 38 Paragraf 1 vum Gesetz iwwert den Office du Ducroire fir d'Aktivitéite „pour le compte de l'État“ virgesäit, fir d'Joer 2020 opzelackeren. Dir erënnert lech nach, wéi mer dat hei schonn eng Kéier am Plenum traitéiert hunn. Ënnert déi sougenannt „pour le compte de l'État“-Aktivitéite falen déi Operatiounen, déi wéinst der Gravitéit oder der Dauer vun hirem Risiko normalerweis net vum Office du Ducroire gedroe ginn.

Wann de Regierungsrot awer fënnt, dass et nëtzlech, jo, opportoun ass, dass déi Operatiounen verséichert ginn, ginn dës iwwert de Volet „pour le compte de l'État“ ofgewéckelt. Fir dës Engagementer ass den Ament en duebele Plaffong virgesinn. D'Engagementer dierfe maximal 20-mol de Fonds propres gläichkommen oder bis zu 20 % vum globale Montant vun den Engagementer, déi den Office du Ducroire am Kader vu sengen Aktivitéite mat Staatsgarantië mécht.

Duerch den Ajout vun engem véierte Paragraf beim Artikel 38 ass de Plaffong fir „pour le compte de l'État“-Aktivitéiten op 50-mol d'Fonds propres fir d'Joer 2020 erhéicht ginn. Den zweete Plaffong ass do an engems fir 2020 ausser Kraaft gesat ginn. A genau hei knäppt de Projet vun haut un a proposéiert déi Moosssnam eebe fir dat kommend Joer, d'Joer 2021, ze verlängeren.

Leif Kolleeginnen a Kolleegen, de Staatsrot huet a sengem Avis vum 1. Dezember bis op e puer legislatesch Remarque just eng Ureegung gehat, déi e schonn am Kader vu sengem Avis zum Projet de loi 7695 (veuillez lire: Projet de loi 7563) gemaach hat. De Staatsrot stellt fest, dass d'Fiche financière keng Inzidenz vum Projet de loi op de Staatsbudget virgesäit, obwuel verschidde Garantien eventuell kéinten oder missten ageléist ginn.

D'Chambre de Commerce begréisst an hirem Avis vum 11. November 2020 wuel gemierkt - de Gesetzesprojet. D'Handelskummer freet sech iwwert d'Verlängere vun dëser Mesure fir d'Joer 2021, déi fir d'Lëtzebuerger Exportentreprisen eng spierbar Ënnerstëtzung an dësem dach schwierigen internationalen Ëmfeld duerstellt. Do dernieft deelt d'Handelskummer d'Bedenke vum Staatsrot, wat de budgetären Impakt vun dësem Gesetzesprojet betrëfft.

Mir kruten awer an dësem Kontext d'Informatioun vum ODL, dass an der 60-järeger Existenz et nach ni zu enger Situatioun komm ass oder wier, bei där de Staatsbudget impaktéiert gewiescht gi wier. Mir beweegen eis hei natierlech am Beräich vun de Versécherungen, wou et ëm d'Gestioun vu Risike geet an een et ni zu 100 % ausschliesse kann. D'Warscheinlechkeet gouf awer vun den Experte vum ODL als éischter minim ageschat.

Dës Gesetzesprojet ka fir vill Leit e bëssen abstrakt kléngen, mee et ass e wichtige Projet de loi fir eng Rëtsch vu Lëtzebuerger Betriber, déi am Moment wierklech op den ODL ugewise sinn, fir hir Aktivitéite kënne weiderzeféieren. Anescht gesot - ech hunn dat nach gëschter extra hei derbäigefüügt: Hannert dësem Projet verstoppe sech wierklech vill Existenzen, déi et ze schützen, ze protegéiere gëllt, fir dass mer net méi Chômage a méi Aarmut kréien.

Ech wëllt bäifügen, wat ech de Mëtten nach nogesicht hunn. Schonn den 9. September 2016 stoung am „Lëtzebuerger Wort“, ënnert dem Titel - deemools schonn - „Ein schwieriges Jahr für die Exportwirtschaft“, wo do ze liesen, ech zitieren: „Die Entschädigungen, die das ODL zahlte, verhinderten ernste finanzielle Probleme bei den betroffenen Unternehmen und haben damit Arbeitsplätze und die Wettbewerbsfähigkeit erhalten“, betont Arsène Jacoby.“

Dat war fir d'Joer 2015! Haut ass d'Lag nach méi ugespaant. Aus dësem Grund muss de Plaffong weider bei 550 Milliounen Euro bäibehale ginn, fir eis Économie an hir Entreprises an déi ganz vill Leit, déi do schaffen, fir si all ze schützen.

Dat gesot bleift mer nach just, lech Merci ze soe fir d'Nolauschteren, an ech ginn natierlech schonn am Numm vun der DP-Fraktioun den Accord zu dësem Gesetzesprojet.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - An ech soen dem Här Rapporteur André Bauler villmools Merci a ginn deem éischten ageschriwwene Riedner, dem honorabelen Här Laurent Mosar, d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, deen ufänt mat engem ganz grouse Merci un den Här Rapporteur a President vun der Finanzkommissioun André Bauler, deen dat net abstrakt, mee esou detailléiert a mat esou vill Iwwerzeegung hei duergeluecht huet, mengen ech, dass jiddwereen elo verstanen huet, wéi wichteg dass den Ducroire ganz besonnesch a Krisenzäiten ass. An duerfir wäerte mer en natierlech stëmmen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci villmools, Här Mosar. An da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Claude Haagen.

■ **M. Claude Haagen (LSAP).** - Jo, merci, Här President. E Merci un de Rapporteur André Bauler fir säin exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport. E war explizit. De Virriedner huet dat och gesot. An domadder ginn ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci villmools, Här Haagen. An da wier et un där honorabelen Madamm Josée Lorsché.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Villmools merci, Här President. Ech schléisse mech deene Wieder un. Och déi gréng Fraktioun gëtt den Accord a seet dem Rapporteur natierlech villmools Merci fir seng gutt Aarbecht, déi e wéi ëmmer mat Bravour hei virgestallt huet.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci villmools, Madamm Lorsché. An da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, ech wëll mech all deene Leit uschléissen, déi den Här Bauler luewen. En huet all eenzelt Luef verdéngt derfir an en huet eis esou iwwerzeegt, dass mir dat selbstverständlech als ADR och matstëmmen. Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci villmools, Här Kartheiser. An da geet d'Wuert weider un den honorabelen Här David Wagner.

■ **M. David Wagner (déi Lénk).** - Jo, merci, Här President. Et stëmmt, den Här Bauler huet wierklech e gudde Rapport gemaach, mee mir wäerten awer dergéint stëmmen, ...

(Exclamations)

... wéi mer dat och gemaach haten - kräischet net! - bei der éischter Kéier, wou de Plaffong eropgehuewe ginn ass. An ech ka just eis Kritik reiteréieren an deem Sënn, dass nach ëmmer bei den Aarbechten an den Assurancë vum Office du Ducroire, wat Betriber ugeet, déi am Ausland investéieren, dass do och nach weiderhin d'ONGen ëmmer kritiséiert hunn, dass op gewësse Krittären net opgepasst gëtt, sief et sozial Krittären oder environnemental Krittären.

Et stëmmt, dass mer Entreprises hunn, déi warscheinlech och a gewëssene Länner investéieren, déi risikoräich sinn, vläicht well hir Aart a Weis, gouvernéiert ze ginn, net grad lupenrein ass a well och hiren Émgang mat Mënscherechter net grad lupenrein ass. Béides geet meeschtens jo mateneen Hand an Hand. Dofir si mer net der Meenung, dass een dee Plaffong soll weiderhin eropsetzen.

A mir fannen dat och - wéi soll ech soen? - e bëssen ironesch. Mir stëmmen hei e Projet, dee fir d'ganzt Joer 2021 wäert gëllen. Mir wäerten d'nächst Woch e Projet de loi stëmme vun der Regierung engersäits, deen de Gel des loyers virgesäit, dee just fir sechs Méint wäert gëllen, net fir ee Joer, wéi mer dat als Lénk an eiser Proposition de loi proposéieren.

Do mierkt een ëmmer, dass et awer scho ganz verschidde Sensibilitéite gëtt. Wann ee wëllt iergendwéi den normale Leit ënnert d'Äerm gräifen, dann ass et ëmmer vill méi komplizéiert an da passt ee vill méi op an da seet een: „Hm, elo näischt iwwerdreien!“ Wann et awer drëms geet, eng gewëssen Exportindustrie wëllen ze ënnerstëtzen, ouni gréisser Kontroll, da geet dat ouni Problem op ee Joer.

Dofir fanne mer dat och schonn e bësse méi speziell. Deementspriedend wäerte mer erëm eng Kéier dergéint stëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci villmools, Här Wagner.

D'Regierung huet d'Wuert. An dat mécht den Här Mëttestandsminister Lex Delles a Verriedung vum Här Finanzminister Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Lex Delles, *Ministre des Classes moyennes, en remplacement de M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*.** - Merci, Här President. Loosst mech fir unzefänken den Här Gramegna entschëllegen, hie ka leider de Mëtten net hei sinn. Mee awer trotzdeem wëll ech dem Här Rapporteur villmools Merci soe fir dee formidable Rapport, ech mengen dee schrëftlechen natierlech, mee och hei dee mündlechen, wou och nach eng Kéier déi ganz Erklärungen vum Office du Ducroire gi goufen, wou d'Modifikatiounen wäerten an dësem Gesetz sinn.

Et ass an der Linn vun där Decisioun, déi d'Chamber schonn am Juni geholl huet. Et gesäit een och, dass eng ganz grouss Zoustëmmung hei ass. A besonnesch wann een dann nach d'Recherchë vum Rapporteur gesäit vun 2016, déi sech op 2015 bezéien, ënnersträiche mer nach eng Kéier d'Wichtigkeet vum Office du Ducroire, fir eebe grad den Export an d'Reassurance an dësem Fall kënne mat ze ënnerstëtzen.

D'Zoustëmmung vun der Chamber weist jo och, dass et grad eeben an dëser Kris, d'nämmlechte wéi zu aneren Zäiten, wichteg ass, dass mer esou en Office hunn, fir kënnen Hëllefstellung ze ginn, dass mer och d'Reassurance pour le compte de l'État kënne weiderhi maachen. Mir sinn un de Limiten ukomm an dat weist eeben, dass et an dëser Zäit schwéier ass, op de private Marché zréckzegraifen, fir do kënne verschidde Saachen ze maachen.

Dofir d'Ënnerstëtzung vum Parlament, fir den Office du Ducroire och weiderhin ze verstärken an déi Verlängerung eebe grad an där Linn kënne weiderzeféieren. Merci villmools!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci, Här Minister Lex Delles. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7695. Den Text steet am Document parlementaire 7695³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7695 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Projet de loi mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Nee-Stëmmen ugehol.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles (par M. Georges Mischo), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domadder si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzungen si fir de 15., 16., 17. an 19. Dezember virgesinn.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(La séance publique est levée à 16.58 heures.)

Le saviez-vous ?

BUREAU DE LA CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Le Bureau, élu par la Chambre, se compose du Président, de trois Vice-Présidents et de neuf membres au plus. La Chambre élit également des membres suppléants permanents, dont le nombre maximal est fixé à neuf. Le Secrétaire général fait partie du Bureau sans toutefois pouvoir participer aux votes. Le Bureau représente la Chambre sur le plan national et international et règle les questions financières et d'organisation concernant les députés, le Parlement et ses organes. Par ailleurs, il s'occupe de la gestion des affaires de la Chambre et prend les décisions relatives au personnel de l'administration parlementaire.